Existenziell Froen eescht huelen

Wann ee krank ass, geet ee bei den Dokter. Wann den Auto futti ass, bréngt een en an d'Garage. Mee wie këmmert sech ëm eis als Mënsch? De Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, stellt sech d'Fro, wien eis bei existenziell Froen hëlleft, wa mir weder eng Diagnos, nach e Paschtouer brauchen.

Fräie Mikro

| Gëschter - 09h40

3 min

3 min

play_arrow

De Bob Reuter (Foto: Radio 100,7)

Dës Woch treffe sech zu Esch-Uelzecht Leit aus ganz Europa. Hir Aarbecht ass et, sech nieft Mënschen ze setzen, wann d'Liewe schwéier gëtt: Um Spidolsbett, am Prisong, no engem Verloscht.

Si nennen dat humanistesch existenziell Begleedung. A mir hunn zu Lëtzebuerg kaum e Wuert dofir.

Op Däitsch seet een dozou "Seelsorge": D'Suerg ëm d'Séil. Mee Humaniste gleewen net un eng Séil. Wat bleift, wann een d'Séil ewechhëlt? D'Suerg ëm de Mënsch.

Net all Leed ass eng Krankheet

Net all Leed ass eng Stéierung. Eng Diagnos, e Verloscht, d'Pensioun oder eng Trennung kënne Froen opwerfen, op déi kee Scanner eng Äntwert huet. Firwat ech? Wat gëtt mengem Liewen nach e Sënn?

Näischt dovun ass e Symptom: Dat bedeit et, Mënsch ze sinn. De Psychiater Irvin Yalom schwätzt vun de "Grondtatsaache vun der Existenz": Doud, Fräiheet, Isolatioun a Sënn. Keng Pëll heelt d'Stierflechkeet.

Weder Diagnos nach Dogma

Wann dës Froen eis treffen, kenne mir meeschtens zwou Adressen: D'Psychologie an d'Psychiatrie, déi d'Leed behandelen, esoubal et zu enger Krankheet gëtt, an d'Relioun, déi deenen Äntwerten ubitt, déi hire Glawen deelen.

Vill "Seelsorger" maachen eng bemierkenswäert Aarbecht, dacks mat Leit vun allen Iwwerzeegungen. Mee haut identifizéiert sech manner wéi d'Hallschent vun de Leit zu Lëtzebuerg mat enger traditioneller Relioun.

Wat si brauchen, ass seelen eng Äntwert. Et ass een, deen nolauschtert,

ouni ze verurteelen, d'Stëll mat hinnen aushält an hinnen hëlleft, sech erëm mat deem ze verbannen, wat zielt: Hir Wäerter, d'Mënschen, déi si gär hunn, hir eege Geschicht.

Näischt Exotesches

An Holland schaffen zënter Joerzéngten humanistesch Beroder a Spideeler, Prisongen an an der Arméi. An der Palliativfleeg deit d'Fuerschung drop hin, datt et d'Enn vum Liewe méi liicht maache kann, wann een de Leit hëlleft, a Wierder ze faassen, wat an hirem Liewe wichteg war.

D'Resultater si nach bescheiden, mee villverspriechend.

Net nëmmen um Spidolsbett

Existenziell Froe stelle sech net nëmmen am Spidol. Denkt un een, deen no véierzeg Joer an d'Pensioun geet an op eemol net méi weess, wien hien ass, oder un eng Wittfra, bei där et doheem roueg ginn ass.

Existenziell Begleedung gehéiert dohin, wou Mënschen un d'Grenze vun hirem Liewe stoussen, egal ob si reliéis, atheistesch oder agnostesch sinn, oder einfach op der Sich.

Nieft engem goen

Begleeden: Dat Wuert seet vill. Een ze begleeden heescht, en Deel vu sengem Wee mat him ze goen. Net virdrun, fir him d'Richtung ze weisen. Net hannendrun, fir ze drécken. Nieft him.

Wat bleift vun der "Seelsorge" ouni Séil? D'Begleedung.

An op déi huet jiddereen e Recht, net nëmmen deen, dee gleeweg ass. Mënsch ze sinn, ass keng Krankheet. Dofir mäin Opruff un d'Politik: Huelt

existenziell Begleedung eescht, an hëlleft, se opzebauen, fir all déi, déi net reliéis sinn, mee och ee brauchen, deen e Stéck Wee nieft hinne geet.

Mam Zil fir déi ëffentlech Debatt ze förderen, invitéiert de Radio 100,7 am Fräie Mikro Leit aus der Zivilgesellschaft fir aktuell Theemen ze kommentéieren. De Fräie Mikro ass e Gaaschtbäitrag mat Richtlinnen, am Respekt vun eisem Cahier des Charges, ënner der finaler Responsabilitéit vum Radio 100,7.

play_arrow Lauschteren